ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
**Groupe parlementaire**

Här Mars di Bartolomeo
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 22. Juni 2016

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës dréngend parlamentaresch Fro (Art. 81) un den Här Premierminister weiderzeleeden.

Um Radio 100Komma7 war haut e ganz informative Reportage iwwer d'Iwwerwaachungsmethoden duerch de Geheimdéngscht. De soziokulturelle Radio mellt, datt trotz enger onsécherer Rechtslag zu Lëtzebuerg séier wuel scho „Staatstrojaner" agesat gi wieren, fir Bierger iwwert hir Computeren ze iwwerwaachen. Dat esouwuel ënnert der leschter wéi och ënnert der aktueller Regierung. Dofir wollt ech dem Här Premierminister dës Froe stellen:

1. Kann den Här Premierminister bestätegen, datt de Geheimdéngscht Spionagesoftware oder „Staatstrojaner" agesat huet, fir Zougrëff ze kréien op d'Computer-kommunikatioun vu Persounen oder Betriber, Organisatiounen oder Institutiounen? Am Fall wou, kann den Här Premierminister präziséieren, wéini esou Aktioune gelaf sinn a wéi vill Persounen a wéi vill Betriber, Organisatiounen oder Institutiounen dovunner betraff waren? Sinn nach esou Aktiounen amgaang?
2. Ass et richteg, datt de Premierminister dës Operatiounen accordéiert huet op Grond vu positiven Avise vun der Justiz wéi och vun der parlamentarescher Kontrollkommissioun iwwer de Geheimdéngscht?
3. Stëmmt et, datt de fréiere Premier Jean-Claude Juncker déi Praxis ënnerbonnen hat?
4. Wéini a vu wéi enger Regierung sinn duerno nees „Staatstrojaner" agesat ginn?
5. Op wat fir enger legaler Basis sinn esou Operatioune genehmegt ginn, wou dach eréischt dat neit Gesetz vun 2016 juristesch Kloerheet doriwwer schaaft?

Mat déiwem Respekt,

Gast Gibéryen
Deputéierten